CSV
FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. Februar 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 FEV. 2020
1925

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, géif ech Iech bieden folgend parlamentaresch Fro un d'Madamme Ministere fir Justiz, Famill a Gesondheet an un d'Häre Ministere fir sozial Sécherheet, bannenzeg Sécherheet an Educatioun, Kanner a Jugend ze stellen.

No der erschreckender Äntwert iwwert déi neisten Zuelen vu Kloen iwwert sexuelle Mëssbrauch vu Kanner wollt ech folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi eng Ulafstellen an Therapien gëtt et zu Lëtzebuerg fir Kanner a Jugendlech, déi Affer vum sexuellem Mëssbrauch gi sinn? Gëtt et och Offeren fir d'Ëmfeld vun de betraffene Mannerjäregen ?

- Ginn et zu Lëtzebuerg genuch Therapieplazen, fir datt all Kand adequat ka betreit ginn esou wéi säi méi not Emfeld? Ginn dës Therapien zu 100% vun der Krankekeess rembourséiert ?

- Wéi laang dauert et am Duerchschnëtt bis e Kand respektiv d'Famill ka betreit ginn?

- Ass d'Regierung der Meenung, dass dës Ulafstellen bekannt genuch sinn? Misst net méi sensibiliséiert ginn ?

- Kann d'Regierung mir e virleefege Bilan vum Fonctionnement vun der Afferambulanz maachen?

    - Wéi oft gouf dës Offer vum Staatslaboratoire an Usproch geholl?

    - Wéi vill Persounen a wéi vill Mannerjäreger sinn zanter dem Asetzen vun där „Ambulanz" do virstelleg ginn?

- Wéi oft konnten Informatiounen, déi do dokumentéiert ginn, a Strofprozesser verwäert ginn? Koum et schonn zu Verurteelungen opgrond vun deenen Informatiounen?

Mat déifstem Respekt,

Nancy Arendt
Députéiert

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 25 février 2020

Objet : Question parlementaire n° 1925 du 24.02.2020 de Madame la Députée Nancy Arendt épouse Kemp - Prise en charge pour les victimes d'abus sexuels

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés